

Lëtzebuerg, den 19. Oktober 2021

**Avis vun der Conférence nationale des élèves du Luxembourg :**  
**GSO Klasse Texas Instruments TI-84 Plus CE-T**

D'CNEL, déi national Schülerkonferenz, déi d'Interessi vun de Schüler am ganze Land vertritt, ass vu Schüler dorop opmierksam gemaach dass GSO Klassen an hiren zwee leschte Joer eng bestëmmte Rechemaschinn brauchen.

Bei dëser Rechemaschinn handelt et sech em eng "Texas Instruments - TI-84 Plus CE-T Python Edition Funktionalität mit einem hochauflösenden Farbdisplay", déi em 158,00 €<sup>1</sup> kascht.

Fir vill Schüler (an fir hir Famill) ass dat eng grouss Depense, mat déier si net gerechent hunn oder sech och einfach net leeschte kennen.

Well des Rechemaschinn am Mathescours vun den GSO Klasse benotzt gëtt an d'Schüler genau des Rechemaschinn müsse benotze fir d'Exercicer geléist ze kréien (wéi zum Beispill adapter les paramètres de la fenêtre graphique de la calculatrice), kennen d'Schüler net op eng méi bëlleg Alternativ zrëckgräifen.

Beim Austausch tëschent de Schüler ass och eraus komm, dass verschidde Schoulen de Schüler mam Präis ënnert d'Äerm gräifen oder de Schüler fir hir Zäit wou si am Lycée sinn des Rechemaschinn geléint kréien an dass an anere Lycéeën et net virgesinn ass bei der Depense ze hëllefen.

D'CNEL gesäit an all deem puer Problemer:

- Dës Rechemaschinn ass eng grouss Laascht fir d'Schüler an hir Famille wéinst dem Präis
- D'Rechemaschinn gëtt nëmme fir eng kuerz Dauer an de Lycéeë benotzt an dofir ass et en ze groust Investissement fir d'Schüler
- Chancëgläichheet vun de Schüler ass net garantéiert

D'CNEL fuerdert also falls déi Rechemaschinn wierklech néideg ass, dass op nationalen Niveau soll gekuckt gi wéi een de Schüler (an hire Famillen) hëllefe ka fir déi Depense méi kleng ze kréien. D'Schüler géife gäre proposéieren d'Stratégie nationale "one2one" vum iPad och fir des Rechemaschinnen anzeféieren an dass all Schüler dofir och a Zukunft déi selwecht Konditiounen a Chancen huet.



LESHWANGE-MOKITA Marie-Brufina

Secrétaire CNEL

1 [https://www.amazon.de/Texas-Instruments-TI-84-Erweiterte-Garantie/dp/B071743843/ref=sr\\_1\\_1\\_sspa?\\_\\_mk\\_de\\_DE=AMAZON&dchild=1&keywords=Texas+Instruments+TI-84+PIUS+CE&qid=1634212858&sr=8-1-spons&psc=1&smid=A15N4UXNO07455&spLa=ZW5jcnlwdGVkUXVhbGlmaWVyPUFJU1VZNEU5RU00M0QmZW5jcnlwdGVkSWQ9QTA5NTE2MzUzTTZXNUhINDZaMlIEJmVuY3J5cHRlZEFkSWQ9QTA0MjI3NzAyNjdUU1RRTFo5N1VaJndpZGldE5hbWU9c3BfYXRmJmFjdGlvbj1jbGlja1JlZGlzZW50JmRvTm90TG9nQ2xpY2s9dHJ1ZQ==](https://www.amazon.de/Texas-Instruments-TI-84-Erweiterte-Garantie/dp/B071743843/ref=sr_1_1_sspa?__mk_de_DE=AMAZON&dchild=1&keywords=Texas+Instruments+TI-84+PIUS+CE&qid=1634212858&sr=8-1-spons&psc=1&smid=A15N4UXNO07455&spLa=ZW5jcnlwdGVkUXVhbGlmaWVyPUFJU1VZNEU5RU00M0QmZW5jcnlwdGVkSWQ9QTA5NTE2MzUzTTZXNUhINDZaMlIEJmVuY3J5cHRlZEFkSWQ9QTA0MjI3NzAyNjdUU1RRTFo5N1VaJndpZGldE5hbWU9c3BfYXRmJmFjdGlvbj1jbGlja1JlZGlzZW50JmRvTm90TG9nQ2xpY2s9dHJ1ZQ==)